LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 06 AVR. 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:58, 06/04/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3934 du 24 mars 2021 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant le service de transport Adapto, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 3934 vum 24. Mäerz 2021 vum honorablen Deputéierte Jeff Engelen betreffend der Reform vum Adapto Transport am Joer 2020**

1. Déi 360 Faarten sinn als Eenzelfaarten ze betruechten, sprëch 1 Aller/ Retour entspriechen 2 Faarten. D'Aarbechtsfaarte fléissen net mat an de Contigent vun deenen 360 Faarten an.

2. Den Transportdepartement, neiderdéngs d'Verwaltung fir ëffentlechen Transport, géréiert den Service an och d'Bezuelen un d'Busbetriber. Den Transpoort ass jo gratis fir déi betraffe Bierger. Virun der Reform, also Mäerz 2020, goufen di professionnel Faarten separat vun deenen aneren verrechend. De Moment ass et mam Logiciel fir d'Gestion net méi de Fall. Et soll awer erem zukünfteg separat ofgerechent ginn.

3. A Covid-Zäiten huet sech näischt un den Unzuel vun de Faarten déi Leit ze gutt hunn geännert. D'Faarten an en Impfzentrum gi, wéi all aaner Privatfaarte vum Quota ofgerechent.

4. Tëschend Januar 2020 a Mäerz 2021 sinn insgesamt 7.211 Demanden agereecht ginn. Um Dag vum 24.03.2021 hunn 5.641 Persounen eng Kaart. Déi Fro gouf schon an der parlamentarescher Fro Nummer 3876 gestallt. Déi Persounen déi den Adapto net kréien erfellen d'Conditiounen net. Et mécht aus villen Ursaachen net vill Sënn fir d'Zuelen mat deene vu virun der Reform ze vergläichen; de Mobilitéitszoustand vun de Leit kann änneren, a mäin Zerviss huet keng Informatioun ob fréier Bénéficiairen nach liewen.

   Hei referéieren ech mech op d'Äntwerten 1 an 2 vun der parlamentarescher Fro 3876 vum 18. Mäerz 2021 vum honorablen Deputéierten Sven Clement.

5. Wéi den honorablen Deputéierte wees, ass eist Land an engem aussergewéinlechen Zoustand, säit dem 16. Mäerz 2020. Eng Analyse iwwer Personal vun der Mobilitéitszentral huet sech also eriwwregt. Bedéngt duerch déi sanitär Kris sti genuch Ressourcen zu Verfügung, soudass een Opstocke vum Personal den Ament net néideg ass.